N°4470
Entrée le 15.07.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 16.07.2026
Chambre des Députés

DEMOKRATESCH PARTEI
Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

Här Claude WISELER
Chamberspresident
LËTZEBUERG

Lëtzebuerg, de 15. Juli 2026

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un Här Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit weiderzeleeden:

„An de leschten Deeg hunn déi héich Temperaturen zu enger staarker Erwiermung vun eise Flëss, Weieren a Baache gefouert. Op eenzele Plaze goufen iwwer 30 Grad gemooss.

Fësch stierwe bei Hëtzt bekanntlech net direkt un der erhéijter Temperatur, mee un engem Manque u Sauerstoff, deen duerch waarmt Waasser verstäerkt gëtt. Besonnesch geféierlech si länger Hëtztperioden ouni Ofkillung an der Nuecht.

An deem Kader wollte mir dem Här Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit follgend Froe stellen:

- Wéi bewäert d'Regierung dës ongewinnte Situatioun, a wéi eng konkret Moossname gedenkt si an noer Zukunft ze huelen, fir eis Gewässer an hir Biodiversitéit besser géint Hëtztwellen ze schützen?
- Wéi eng Inzidenz huet de Klimawandel op den autochthone Fëschbestand? Ass d'Gefor net grouss datt ëmmer méi invasiv Aarten an d'Zukunft eis Gewässer bevëlkeren?
- A gesäit d'Regierung iwwerhaapt Méiglechkeeten, fir am Fall vun extremen Hëtztperioden aktiv kënnen anzegräifen, fir d'Fëschbestänn an d'Waasserekosystemer verstäerkt ze schützen? “

Mat déiwem Respekt,

André BAULER
Deputéierten

Gusty GRAAS
Deputéierten

Groupe Parlementaire du Parti Démocratique
9, rue du St. Esprit • L-1475 Luxembourg
Tel: 22 41 84 1 • dp@chd.lu • www.dp.lu